N°2461
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

An eisem Nopeschland Däitschland ginn et an der Sécherheetspolitik Diskussiounen iwwert d'Notzung vun engem AI-Programm mam Numm "*Vera*" vun der US-amerikanescher Firma *Palantir*. Ee rezenten Artikel am Handelsblatt vum 12te Juni resüméiert d'Situatioun:

*"Mehrere Sicherheitsbehörden der Länder setzen bei Terrorermittlungen auf die Dienste der US-Datenfirma [Palantir]. In der schwarz-roten Koalition bahnt sich ein Streit über den bundesweiten Einsatz der polizeilichen Analyseplattform „Vera" des US-Herstellers Palantir an. […] Das Programm, das perspektivisch bundesweit zum Einsatz kommen könnte, durchforstet die verschiedenen Datenbanken der Polizei, um Querverbindungen zu entdecken, die den Ermittlern sonst vielleicht nicht auffallen würden. […] Fiedler betonte zudem, wie bedeutend gerade im Bereich der Sicherheit „unsere Souveränität" sei: „Wir dürfen uns hier nicht erlauben, bei einer Schlüsseltechnologie weiter abhängig von den Vereinigten Staaten zu sein."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëtt dës Software och vu Lëtzebuergeschen Autoritéiten, wéi der Police oder der Justiz, genotzt?
2. Hunn lëtzebuergesch Verwaltungen Servicer vun der Firma Palantir genotzt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten